



Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun a vum Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft op d'parlamentaresch Fro Nr. 7769 vum Här Deputéierte Sven Clement iwwert d'Activité d'Assistance à l'Inclusion.

1)

Zënter der Aféierung vum Gesetz ass leider nach keng Activité d'Assistance à l'Inclusion gemaach ginn. Et si bis haut nach keng Demandë fir eng Assistance à l'Inclusion gemaach ginn.

2)

Vu datt nach keng Activité d'Assistance à l'Inclusion bis haut accordéiert gouf, ginn et fir den Ament keng Zuele vun de Persounen, déi vun enger Activité d'Assistance à l'Inclusion profitéiere konnten an hiren Aarbechtsposte behalen hunn.

3)

Zesumme mam Aarbechtsministère a mat der ADEM huet de Ministère fir Famill, Integration an d'Groussregioun 2019 eng Informatiounscampagne lancéiert.

2022 gouf eng weider Publicitéit an engem Katalog gemaach, wou Formatiounen am Beräich "Handicap" ugebuede ginn.

Déi lëscht Sensibiliséierungsaktioun gouf an der Reunioun vum 8. Dezember 2022 vum Comité pour la Charte de la Diversité zu Bartreng ënnerholl. Op d'Demande vum Comité, huet de Ministère fir Famill an Integratioun zesumme mat der ADEM, de Membere vum Comité de Projet vun der Assistance à l'Inclusion presentéiert. Zu de Membere vum Comité ziele, ënnert Anerem, grouss Entreprises ewéi Deutsche Bank, PwC, Linklaters, RBC Investor & Treasury Services, Sodexo, HSBC Luxembourg an d'Associatioun IMS Luxembourg.

D'Ziel vun der Presentatioun war, d'Entreprises iwwert de Projet vun der Assistance à l'Inclusion ze informéieren an och ze motivéieren, bei engem Projet-Pilote matzemaachen.

Do dernieft huet de Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft an enker Zesummenaarbecht mat der ADEM iwwert d'Joer 2023 weider Aktiounen geplangt fir kontinuéierlech ze sensibiliséieren:

- Realisatioun an Diffusioun vun enger Brochür déi déi agreéiert Assistente virstellt;
- Iwwerschaffte Presentatioun vun der Assistance à l'Inclusion um Site vun der ADEM;



- Systematesch Kommunikatioun un d'Employeure déi eng Persoun mat Behënnerung astellen;
- Offer fir d'Employeure fir d'Mesure an d'Entreprise virstellen ze goen;
- Kommunikatioun iwwert d'Mesure a Kollaboratioun mat deene jeeweilegen Federatiounen, Chambres professionnelles a Gewerkschaften;
- Och am Kader vun der Journée Handicap et Reclassement professionnel, den 19. Mee 2023, gëtt d'Activité d'Assistance à l'Inclusion nach eemol presentéiert.

Lëtzebuerg, den 14. Abrëll 2023

D' Ministesch fir Famill an Integreatioun

(s.) Corinne Cahen